association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Rapport vun der Entrevue mam Educatiounsminister vum 13. Mäerz 2019

Präsenzen

MENJE: Mme M. Bamberg, M. L. Folscheid, Mme E. Houtmann, M. C. Meisch, Mme M. Molitor, M. R. Nehs, M. C. Peping, M. P. Reding, Mme D. Stammet, M. L. Weis
APESS: M. P. Beil, M. M. Breyer, M. G. Everling


Reform vum Stage

Den Här Minister huet sech entschëllegt fir déi wéineg Zäit, déi mir krute fir eis op déi Reunioun virzebereeden (d'Dokument krute mir méindes owes um 22:49 gemailt an d'Reunioun war mëttwochs mëttes) an huet eis verséchert, dat sollt net esou sinn mä et wier eng Urgence wéinst der allgemenger Reduktioun vun der Stagezäit beim Staat vun dräi op zwee Joer[1]. Et gouf op Kritiken zum jëtzege Stage gelauschtert a gekuckt fir eng Kohärenz tëscht dem Stage am Fondamental an dem Secondaire a fir Quereinsteiger z'erreechen. D'Ziel ass eng Qualitéitsverbesserung well fest gestallt ginn ass, datt ëmmer méi Chargéen an ëmmer manner Staatsbeamten agestallt goufen. Der Regierung hiert Ziel ass et déi Dynamik ëmzedréien.

Et kommen dräi Saachen zesummen. Éischtens ass d'80-80-90-Reegel vum Dësch. Zweetens gëtt ënnerscheet tëscht dem Stage als Proufzäit, der Période certificative, an der Beruffsaféierungsphas, der Période d'approfondissement (PA). An drëttens mussen d'Virgabe vun der Fonction publique agehale ginn.

Am Fondamental soll de Stage ee Joer daueren, suivéiert vun der PA. Am Secondaire soll dat fir déi Kandidate gëllen, déi e Master mat pädagogescher Ausriichtung hunn. Fir déi, déi e Master am Fach hunn sinn zwee Joer Stage plus PA virgesinn.

Hei ass den Diagramm fir de Stage vum Enseignant fonctionnaire:




Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

An hei deen fir de Stage vum Employé:



De Stageprogramm soll méi individualiséiert an den Accompagnement vun der Evaluatioun getrennt ginn. An der PA huet all Enseignant säin individuellen Entwécklungsprojet. D'zertifikativ Evaluatioun beschränkt sech am Fall vun enger pädagogescher Ausbildung op de Legislatiounsexamen plus d'Evaluatioun duerch d'Direktioun wéi se bei all Stagiäre beim Staat virgesinn ass. Eng Prolongatioun bis zu engem Joer ass méiglech. Bei engem Master am Fach besteet d'zertifikativ Evaluatioun aus dem Legislatiounsexamen an zwou Produktiounen plus d'Evaluatioun duerch d'Direktioun.

Fonctionnairë sollen d'Reegel ginn, Chargéen d'Ausnam. De Chargé kritt um Enn vun engem Joer Stage e Certificat de Formation pédagogique a kann dann, wann en de Concours gepackt huet am zweete Joer Stage fir Staatsbeamten ze gi weider fueren.

Op eisen Awand, datt et net fair vis-à-vis vum Master am Fach ass, deem seng Karriär e Joer méi spéit ufänkt, krute mir gesot, datt et mat der Fonction publique net anescht machbar wier. Et géif awer jidderee vun der Reform profitéieren, well de Stage an alle Fäll vun dräi op zwee oder ee Joer erof geet. Mir setzen eis awer op alle Fall weider dofir an, datt de Master am Fach net benodeelegt gëtt.

En anere Problem dee mir gesinn ass, datt den Direkter hei eleng soll entscheeden ob de Kandidat de Stage packt oder net. Dozou krute mir gesot, datt den Direkter am Fall vun engem Refus dat muss mam MENJE ofstëmmen, well et soss riskéiert erëm virum Verwaltungsgeriicht ze landen. Mir hunn awer insistéiert, datt zwee Conseillers pédagogiques sollten dobäi sinn an datt dat soll méi kloer spezifizéiert ginn.

An der Phase transitoire gi grondsätzlech déi méi favorabel Mesuren ugewannt.

Mir hunn natierlech d'Thema vum TC an de Kandidaten op e neits ugeschwat a krute gesot, datt dat an enger separater Reunioun diskutéiert géif ginn.

De Concours d'admission bleift wéi bis elo.

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

An der PA soll jiddereen sech kënnen op Grond vum Feedback säin Parcours zesummestellen. Wéi dat konkret soll ausgesinn, steet awer net kloer do.

Firwat kréien d'Conseillers pédagogiques an d'Personnes de référence an der PA just 1500 € pro begleetem Stagiaire? Well et manner Opwand ass wéi an der Période certificative.

Op eis Nofro krute mir ausdrécklech verséchert et wier keng Ofwäertung vun eiser Karriär virgesinn. Déi heite Reform wier e groussen Investissement an d'Dechargen géifen net erof goen.

Mir fannen, datt déi proposéiert Reform vum Stage insgesamt an déi richteg Richtung geet. Bis ewell war de Stage mat engem immensen Stress verbonnen, deen vill Leit ofgeschreckt huet. E reforméierte Stage, dee vill méi op formativ Evaluatioun an eng individualiséiert Beruffserfarung anstatt op endlos theoretesch Zertifikatioun setzt erlaabt et an eisen An dem Stagiaire, sech op seng individuell pädagogesch Entwécklung um Terrain, an dat a Begleedung vun erfuerenen Enseignanten, ze konzentréieren. Mir mengen, datt doduerch net nëmmen de Stagiaire sech besser entwéckele kann mä och de Beruff vum Enseignant méi attraktiv gëtt an domat den akute laangjärege Proffemanktem ka reduzéiert ginn. Béides ka schlussendlech nëmmen am Sënn vun eise Schüler a Studente sinn.

Mir fuerderen awer, datt de Master am Fach net benodeelegt gëtt, datt den Direkter net eleng iwwert d'Reussite decidéiere kann an datt d'Kritären vun der Appréciation professionnelle spezifizéiert ginn.

[1]
https://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/TravailALaChambre/Recherche/RoleDesAffaires?action=doDocpaDetails&id=7418

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426